PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Pannen oder soss Problemer am Stroumreseau kommen zu Lëtzebuerg seele fir. Am Fall vun engem sougenannten "Blackout" gëtt séier drun geschafft, fir d'Netz erëm un d'Lafen ze kréien. Gläichzäiteg muss awer och fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger wärend engem Blackout gesuergt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Si Pläng opgestallt ginn, wéi d'Police soll reagéieren am Fall vun engem nationalen Blackout?
2. Si Pläng opgestallt ginn, wéi d'Police soll reagéieren am Fall vun engem lokalen Blackout?
3. Wat sinn an dësem Fall d'Prioritéite fir d'Police?
4. Wéi eng Acteuren waren beim Ausschaffen vun dëse Pläng mat involvéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député